

REÇU

Par Christine Wirtgen , 14:10, 26/03/2021

Lëtzebuerg, den 26/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

D'Regierung huet an de leschte Jore verschidde Militärfligere fir Lëtzebuerg akaaft, dorënner een Airbus A330 MRTT (Multi-Role Tanker Transport), deen am Kader vun der NATO zesumme mat anere Länner finanziert, a benotzt gëtt. Mam leschte Gesetz vum 21ten August 2020 haten d'Majoritéitsparteien zougestëmmt, dass Lëtzebuerg säi Budget fir dëse Fliegerprogramm däitlech erhéicht: d'Ausgaben ëmfaasse ronn 600 Milliounen Euro, déi iwwer 30 Joer lafen. Wéi d'Rapportrice vum Gesetz deemools an der Chamber sot:

*"Wichtig ze soen ass, dass mer eis de facto heimadder kee Flieger kafen, mee mir hunn eis akaaft an e Pooling-and-Sharing-Programm, un deem e puer Länner deelhuefen an am Kader vun deem eeben e gemeinsame Pool vu Maschinne geréiert gëtt. [...] Duerch dës Erhéijung hätt Lëtzebuerg amplaz vun den aktuellen 200 elo 1.200 Fluchstonnen zegutt, wat 12 % vum Programm entsprécht. [...] Als Beispill, wat mir och an der Kommissioun genannt kritt hunn a wat eebe grad aktuell ass, ass den Asaz vun esou engem Flieger während der Covidkris, well dës Fligere et eeben, wéi gesot, erlaben, Rapatriementer virzehuelen oder medezinesch Evakuatiounen ze assuréieren."*

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Fir wéi vill Fluchstonnen a fir wéi eng Zwecker ass den A330 MRTT zënter dem Akraafttriede vum Gesetz genotzt ginn?
2. Wéi vill Fluchstonnen si fir d'Gestioun vun der Covid-19-Pandemie genotzt ginn, a fir wéi eng Zwecker?
3. Hunn och scho Regierungsmemberen op d'Transportméiglechkeete vun engem vun eise Militärfligere (den A330 an den A400M) zeréckgegraff? Falls jo, a wéi engem Kader?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc  
Député





CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff  
Service des séances plénières et  
secrétariat général  
Tél : 466.966.223  
Fax : 466.966.210  
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Luxembourg

Luxembourg, le 26 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3961 du 26.03.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen - Avion militaire luxembourgeois

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués

Fernand Etgen  
Président de la Chambre des Députés